



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesesch op d'parlamentaresch Fro n° 8052 vum 2. Juni 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Martine Hansen.

Stëmmt et, datt d'Ambulanzen d'Kanner am Fall vun enger Urgence nëmmen dierfen an d'Kannerklinik féieren?

Am Prinzip féieren d'Ambulanzen vum SAMU d'Kanner am Fall vun enger Urgence an d'Kannerklinik. Laut den Dispositionen vum ofgeännert Gesetz vum 8ten Mäerz 2018 ¹ ass de Service d'Urgence pédiatrique ee nationalen Service a soumat déi national Ulaafplaz wou eng Prise en charge 24h/24 a 7j/j garantéiert ass.

Et bleift awer dem Coordinateur SAMU an Zesummenaarbecht mat dem Service d'Urgence vun den centres hospitaliers méiglech fir an direkter Ofsprooch mam Urgentiste am Spidol ofzeschwätzen dass d'Kand net an d'Kannerklinik brauch gefouert ze ginn.

Wa jo, ass sech d'Regierung bewosst, datt fir Elteren aus dem Norde vum Land déi grouss Distanz an déi vill Zäit, déi si fir de Wee brauchen, e Problem duerstellt?

Dat ofgeännert Gesetz vum 8ten Mäerz 2018 ² gesäit fir dass d'services pédiatriques ronderëm den services nationaux an den dezentraliséierten services de pédiatrie de proximité organiséiert sinn. Och wann déi national Servicer, wéi ënnert anerem d'pédiatrie spécialisée an d'chirurgie pédiatrique an der Kannerklinik vum CHL organiséiert ginn, esou verfügen die aner Spidolszentren iwwert een Service de pédiatrie de proximité.

D'Kanner ginn an den Urgencen vun deenen eenzelnen Spidolszentren betreit. Dës assuréieren eng Prise en Charge vun 24h/24 an 7j/7. Den règlement grand-ducal vum 25. Januar 2019 bestëmmt d'Uspréech an d'Normen vun deenen d'Urgencenservicer. Et gëtt virgesinn dass Kanner déi an dësen Service kommen vun enger Infirmière évaluéiert ginn an esou den Tri gemaach kann ginn. Eng europäesch échelle de tri ³ gesäit fir dass Kanner mat engem Krankheitsbild vun 3 bis 1 un die national services pédiatriques weidergeleet solle ginn no enger Éischtbetreierung an Stabilisatioun an den Urgencen.

Bei enger schwéierer Urgence déi vum SAMU gefouert gëtt mécht et allerdéngs Sënn keng Zäit ze verléieren an d'Kand direkt an den „Service spécialisé“ ze bréngen wou och aner Servicer ronderëm d'Auer disponibel sinn déi am Noutfall gebraucht ginn ewéi den „Service national de chirurgie pédiatrique“ an den „Service national de soins intensifs pédiatriques“.

Wa jo, wier et net sënnvoll, wa Kanner mat méi einfache Pathologien, wéi z.B. Platzwonnen, vun der Ambulanz kéinten an d'Urgence an de Centre Hospitalier du Nord gefouert an och do behandelt ginn?

Wéi ënnert der Fro 1 beschriwwen ass eng gewësse Flexibilitéit méiglech an ass ëmgesat ginn mat engem Ofkommes tëschent der Direktioun vum CHdN an dem CGDIS betreffend Kanner tëschent 4 an 16 Joer mat einfachen Pathologien inklusiv liicht Traumaen vun den Extremitéiten wou keng spezifesch Ënnersichung vum Pédiaater noutwenneg ass.

1 loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière

2 loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière

3 5 = manner urgent – 1 = liewenswichtig



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Huet d'Regierung Zuelen ob, a wa jo wéi vill Leit an der Kannerklinik fortginn an an eng aner Klinik fueren,
well d'Waardezäiten an der Urgence vun der Kannerklinik ze laang ass

Et leien keng Zuelen dozou fir wéivill Patienten an engem aneren Spidol en charge geholl ginn opgrond
vun de laange Waardezäiten.

Lëtzebuerg, den 4. Juli 2023

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette Lenert